N°2453
Entrée le 26.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2453 vum 13. Juni 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Bodycams de la Police"**

**Gëtt d'Videomaterial integral op lëtzebuergesche Servere gespäichert? Falls net, a wéi enge Länner gëtt d'Material gespäichert?**

D'Bodycams an hier Benotzung duerch d'Police sinn an enger Pressekonferenz den 11. Juni 2025 presentéiert ginn. Do gouf och erkläert, dass d'Videomaterial op enger gesécherter Cloud an Däitschland gespäichert gëtt.

**Gëtt d'Material intern bei der Police gespäichert? Falls net, wéi eng weider Organisatiounen (Ministèren, Firmen, etc.) si mat der Späicherung vum Material befaasst?**

D'Videomaterial gëtt op enger gesécherter AWS Cloud, déi vu Motorola bedriwwe gëtt, gespäichert.

Den Artikel 43*ter* vum Policegesetz vum 18. Juli 2018 definéiert d'Benotzung vun de Bodycams. Laut dësem Gesetz gëtt d'Videomaterial, wat d'Police am Kader vun enger Affär brauch an erofluet, bei der Police gespäichert.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN